DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gauleiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

C.W.O.II B6 192 C.M.

So' secher we' ons Bierger wénken
Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken

I.AUG.I944.

Nr.53.

Ferts.Letzeburger am Ausland.vun onsem Brésseler Correspondent.

Déjénech Letzeburger dé gesicht hun,mat den Preiseschen Bludsauger Geschä fter ze man,dé'er sin et vill.De Moment ass jo wuol nach net do sie all mam Nûom ze nennen,mè fir désen oder dén aner brauch é sech net ze gené'eren hir Nimm schon's haut an t'Oeffentlechkét ze brengen.Wé onse Correspondent ons meldt ass zu Brèssel,94.Boul.de Waterloo.eng Band dé all de Strack verdengen."Die strenge aber gerechte Strafe" Dir wēsst jo dat ass den Aussdrock vum Sauleiter Simon.

Hei sin verschidde Nimm vun der Band, den Albert Moes a sei Bruder,de Gallé de Loeb a sei Jong,de Leclerc,de Brincour an nach aner

Dat sin,Spitzelen,Gestapomänner,Devisen an Diamantenschieber,Café,Wein a Likören,Tissus jé alles wat Geld era brengt,an do ged och Champagner gedronk. mat verschidden Madammen,jo eng Saubud.

Dem Moes seng Rèsen no Spuonien sin ons all bekannt,a wann hién wuol seng Aktionen längst iwer t'Grenz geschléft huet,dat ass neischt,dat kënnt alles erëm,de Loeb hätt besser gehât Jud bleiwen an Schokolatsknippercher man,da wäre sengem Kapp secher bliewen,de Leclerc dat ass t'Bild vu sengem Bruder vum Howald,sie allen zwé'n werde mat der Zeit galvannisé'ert gin,de Gallé t'Box voll Schold virum Krich,da kënnt de Brincour,zwémol Verëder,u sengem Lann,dann,"Gemeinnutz geht vor Eigennutz" dat huet hién einfach emgedréht.

Bei dé'er Band,do ass én,dé wellt haut alles man,fir onse Jongen ze hëllefe Rendvéh,spuer deng Méh,én aner wëllt mat lauter Force,de Verëder man un den Nazien.dat mache s'all,esou bâl wann se de Strack em den Hals apieren.

Onse Correspondent ged ons ebenfalls Nouvellen vun e puer Weinhändler, D ir sid all a gudden Hänn,ons belsch Frönn werden Eech ze treffe wëssen

Denkt un t'Stonn,wô de rôde Léw mecht seng Ronn.

Onse Correspondent meldt weider.

Eng aner zort Letzeburger,sin déjénech dé am deitsche Ravitaillement sin do sìn der vill,spéciell aus der Arbechter'classe,dénen kann é keng Steng wërfen,dé huen net verdengt wât nédeg wôr zum Liéwen,mé do sin aner

Letzeburger,dé sech ganz gud sto'en,dé t'Zort soll am Ieschten deitsche Maufel erwiergen,all Truck wôr gud fir sech eraus ze zéhen, Z.B.t'Madame X.hëllt den deitsche Ravitaillement op hire Nuôm; da brauch den Här net schihmeg ze sien,an dat sin Familjen,weit a bréd bekannt.

All Eer Nimm werde mir mat der Zeit an t'Oeffentlechkét brengen,fir Eech ass ,de Krich eriwer,keng Plats mé a Belgien,an op kengem Fall bei ons zu Letzeburg .

Eech denken all Letzeburger ass d'accord wann én dat hei schreiwt; dé mésch t Letzeburger a Belgien huen mat neischt ugefang,mé durch hirt t'Schaffen an d'Aussdauer sech zu Situationen erob geschaft dat muencher Belgier neidég wuor.Wuerfir huen elo am Krich eng gud Partie nemmen un t'Geld geducht a fir t'Geld geschaft.Do sin der vill,dé fir sech de Bockel ze hâlen,huen én oder dén aner vun hirer Familjen fahnenfluchtig versuergt mé t'Mass dat gong sie neischt un,dat genugt hinnen als Deckel,fir hir Geschâ ften mat den Preisen.Nëmmen ons Letzeburger dé virgezun huen, lièwer t'Déportation ewé onse Jong an dé deitsch Uniform.

An dé dausende Familjen,dé werden an der eschter Zeit Eech t'Frô stëllen Wât huet dir fir ért t'Land,wât huet dir fir ons arm Jongen gemét.

::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::

Petter"Kratzenberg.Veräter Nr.I.huet dir Eech iwerluegt wât Eech an der eschter Zeit ka passé'eren, "Die strenge aber gerechte Strafe" Beim Demmy sengem Opruff nô Gerecgtegkétsartikelen,sin ons escûvill Sachen zukom,dat et genugt Eech mat éhrer ganzer Sippschaft 100 mol ze këppen an opzehénken.

Dir sot Eech,sie werde jo meng grô Ho'er respekté'eren,macht Eech ké schlecht Geblid? Mir machen nemme Gerechtegkét , Prisong,martyrisé'ert,Concentration'slager,gehang a geképt.Dat alles werd gemét gin,nemme mat dém Ennerschéd dat dé'er vill vun érer Klik t'Zeit net kré'en fir bis an de Prisong ze kommen,dat ass dem Vollek seng Sâch. Durfir Här Kratzenberger denkt net un Eer grô Ho'er,t'ass t'Zeit,erwekt Rei a Léd,an dann werder gesinn da fâ len Eech t'Ho'er vum Kapp.

---

Onse Brésseler Correspondent meldt an der leschter Minute. An enger Caserne zu Lacken bei Bréssel,do sollen 150 letzeburgescht Rendvéh,freiwelleg an der deitscher Uniform stéchen . 148 soll et léd sin, dé aner zwé'n dé solle wirklech preisesch gesennt sin.

---

Punnel,Brincour, Tonnar, Déesen, Faber, Roller, Bill Schröder, Schmitt Nilles, Mersch, Gratia, Kinn, Denayer-Schmitz, Klein, Simon, etc.etc.etc. do sin nach aner,t'Nimm duerfe mir einstweilen nach net so'n,sonst kennte ons durch t'Bascht go'en.Ons belsch Frönn werde sech spéciell em dé Hèren bekëmmeren.

::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::

Mit gegangen, mit gefangen, mit gehangen.
Denkt un t'Stoo,wô de rode Léw mecht seng Ronn.

---

3.

## D'Pettere vun der V.D.B.

Wann én d'Gauleiterpress vum Jo'er 1940 durchbliédert, da stéast é mat Ekel op é gewessen Opruff vum August 40.,, Heim ins Reich", dén eng Band vu Verrätern a Feiglinge un d'Land gericht hat als Optakt zur V.D.B., a fir den Uschloss un Deitschland ze préparé'eren.

Der Anschluss an Deutschland ist unser Heil, unsere Rettung, unsere Pflicht!

Eso' ho'sek an dem beruhmten Artikel. Mir repété'eren eng Partie vun de Nimm dé enner dem Manifest stongen, fir dat dé Héren net solle mengen, si wire vergé.

Dr. Antony, Arzt , Kayl,  
Edm. Dondelinger, Rechtsanwalt, Luxemburg,  
Dr. Julius Esslen, lux. Consul, Trier,  
Feltes, Professor, Luxemburg,  
Felgen, Lehrer "  
Jentgen, Architekt, "  
Lichtfuss, Steuerkont. "  
Marxen, Architekt, "  
Dr. Houdremont, Arzt, Esch s/A.  
etc. etc. etc.

Dat war den Ufank vun der V.D.B.  
D'Signatäre vum Manifest waren d'Pettere bei der Geburt.  
Si hu sech och weider als dichteg Pettere bewisen durch hir Propaganda an hir aktiv Roll, dé jidderén kennt.

Haut géht dénen Héren de Wappes.

Jidder Sieg vun den Allié'erten ass en é Stech an d'Hierz, an de Ro'de Léw an onsem Nationalwuopen dreift en de kâle Schwéss de Rek eran.  
Et begreift sech, ma d'ass awer neischt ze mâchen; ______

Da kóm den 2ten Akt.

V.D.B. missen an d'Verwaltongen agefé'ert gin.  
Wann é Verwaltongschef ass, Procureur oder Direkter, etc. dann huet én niéwend senger égener Eher als Birger och nach d'Responsabilitét, dem ennergestallte Personnel als Exempel virzegohn.

D'Land wéss, ewé armsélig ons Verw. Chefs hir patriotesch Flichten opgefâsst hun.

Ir den Hunn 2 mol geké't hat, hatten se d'Land 3 mol verôden.  
Vun Hémechtstrei keng Spuer, vu Widerstand nach manner.  
Fir d'écht den Hèren hir Plätzecher, hir Ro'h. ______  
D'Consequenzen hun net op sech wârde gedunn.  
Durech Feighét vun de Chefs sin dé klenge Beamten, dé gro'ss Mass vun de Fonktionären, ob se wollten oder net, zur Capitulation gezwonge gin. --------

V.D.B. ass e schmotzigt Blad an der Letzeburger Geschicht!

Zum Glek hun ons Patrioten eng aner Opfassong vun hire Flichte gehât, soss wir et haut schlecht em d'Letzeburger Land bestallt.

Awer d'Sanktionen an d'Epurationen musse kommen!

Halo, Halo. mir sichen, Genre Crapule zum Dropschlo'en System, Deker-Doppelman. sech wenden, Dengens Demmy Letzeburg.

C.W.O.II C.2.G.M.

Belgian War Press

## Ons Bré'fkescht.

---

V
Vu Geld ass agangen.

---

| | | | |
|---|---|---|---|
| Anonyme | 20 Fr. | En Diekerecher | 1000 Fr. |
| Service utile | 50 " | En Ettelbreker | 1000 " |
| Pappschossel | 100 " | Revanche | 2000 " |
| Letzeburg | 500 " | Divers | 2000 " |
| Noel | 500 " | Divers | 2100 " |
| Jämpy | 1000 " | Endléch | 5000 " |
| E puer Stadter Leit | 1000 " | 1839/1939 | 5000 " |
| E gudde Letzeburger | 1000 " | Tunis est une belle Ville | 50,000 " |
| " " | 1000 " | | |
| " " | 1000 " | | |
| Archiméde | 1000 " | | |
| " | 1000 " | | |
| " | 1000 " | | |
| Quetschentârt | 300 " | | |

Da sin ons zukom eng gro'ss Quantité't Kléder,Schong, Cigaretten,Liéwensmettel,jé vun allem dat alles,oeffentlech nôm Krich.

;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;;

Mir bedanken ons villmols bei all déne Persuonen dé allzeit Confiance zu ons hâten,an t'Zeit ass net weit,da kenne mir hir Nimm an onser t'Zeidong brengen.An der leschter t'Zeit sin ons verschidde Sâchen zukôm,jé alles wat nédeg wor,mir erwarden de Moment,wuô mir an desem Blad,hinnen oeffentlech kennen danken.

---

Achtung,Schweigen,der Feind Hört mit.

::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::::